ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 12/01/2026

Rapport vun der Kommissioun vum drëtten Alter

Sëtzung vum 16 Dezember 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Pascale BERNA Stefanie BLOCK Yolande EVERAD-GRAFF Sylvie GIERES-DEITZ Carlo KOEPP (Sekretär) Corinne REDING-SCHARLÉ (Presidentin) Seth RUEF Liselotte RUEF-VOGT (Vize-Presidentin) Lydie RUPPERT Suzanne WEIS-COLLÉ	Rosie BRANDENBURGER (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un (3e.age@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem d'Memberen Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 7. Oktober
3. Demanden a Retouren vun der Gemeng
4. Kaffistuff
5. Konferenz iwwert d' Sécherheet
6. Proposen fir eise Kalenner 2026
7. Divers

Helperknapp, 12/01/2026

Punkt 1 : Begréissung, Presenzelëscht

Presidentin huet d' Memberen begréisst. 10 Memberen waren präsent. 1 Member war excuséiert.

Punkt 2 : Rapport vum 7. Oktober

De Rapport gouf unanime approuvéiert!

Punkt 3: Demanden a Retouren vun der Gemeng

Et leien keng Demanden vir.

Punkt 4 : Kaffistuff

D'Kaffistuff huet nach net deen Zoulaf, wéi mir eis erhofft haten. Déi Leit, déi awer reegelméisseg kommen, notzen d'Navette ganz gären. Bei der leschter Kaffistuff vum 11. November war d'Navette allerdéngs komplett besat, soudass zwou Persounen net matgeholl konnte ginn.

Am Gespréich mat de Schäffen hat d'Corinne dëst ugeschwat. Et ass kee Problem fir déi nächst Kéieren méi eng grouss Navette ze kréien!

Déi nächst Kaffistuffen 2026: **17. Mäerz, 19. Mäi** an de **29. September** vun **14h30 bis 17h30**

Punkt 5: Konferenz iwwert d' Sécherheet

D' Konferenz, den 4. Februar an der Koll, ass esou weit organiséiert. Gemenge Sekretariat huet e flotten Flyer preparéiert. GERO schéckt 2 Intervenanten fir d' Präsentatioun, ob Fra, Mann bléift ze klären. Gemeng offréiert ee Patt.

Et gëtt **net** iwwer d' Sécherheet bei Frauden am Internet geschwat. Eventuell kann ee kuerz intervenéieren wa Froen gestallt ginn?

Mir brauchen fir d' Konferenz:

- Beamer an Projektioun Ecran
- Passwuert fir den Internet
- Gedrénks (offréiert vun der Gemeng)

Punkt 6 : Proposen fir eise Kalenner 2026 *

- Kaffistuff (Punkt 4): 17. Mäerz, 19. Mäi an de 29. September vun 14h30 bis 17h30
- Kino: 22. Abrëll vun 14h00-18h00
- Tour Marie-Astrid: 10. Juli

(*) Virleefeg bis de Summer inklusiv

Punkt 7 : Divers a nächst Versammlung

Weider kee Punkt am Divers. Schéi Chrëschtdeeg an alles Guddes am neie Joer 2026

Nächst Versammlung: 27. Januar um 18h30

Fir déi nächst Dagesuerdnung kann een déi follgend Punkten scho vermierken:

- Validatioun Rapport
- Retouren, Demanden aus dem Gemengerot
- Konferenz iwwer Sécherheet (leschten Check)
- Kaffi Stuff

Dëse Rapport soll an engem Délai vun 2 Wochen no der Sëtzung un d'Memberen verschéckt a no der Approbatioun als PDF un déi responsabel vun der Administration (Laetitia.Strotz@helperknapp.lu & yves.munchen@helperknapp.lu) weidergeleed.